# Worksshop «Little Planet» an «Funnel» 14/11/2019

vum Jeff Origer (Camera Luxembourg a.s.b.l.)

## *a) Foto maachen*

Am beschten 8 Fotoen an engem Wénkel vun jeeweils 45° zu enaner maachen. 14mm ass zum Beispill eng gutt Brennwäit, et muss een awer ob, d'Héicht vun den Objeten em d'Platz oppassen. Dofir ass och geroden se héichkant ze huelen. Wat se méi héich sinn wat een méi Wäitwénkel braucht. (8 mm Fisheye geet well och, den Raw-Converter kann do och en Panorama zesummestellen, trotz dem schwaarzen Rand.

Fräi Hand fonctionnéiert, dann huet een awer kéng Garantie, dat keen Feeler bei zesummestellen vum Panorama geschitt. Dann am beschten e puer Tier dréinen vir Erfollegchance ze vergréisseren.

En Stativ ass ze empfeelen a steigert d'Erfollegquot schonn enorm och wann een keen Panoramakapp huet.

Am beschten den Fotoapparat an der Wo halen eventuell bësschen zum Zentrum vum Bild  (Buedem) halen (sou dat een bei enger little Planet seng Féiss mat drop kritt. Dann muss een just seng Féiss ewechretuschéieren. Lächer fëllen ass je no Buedem méi schwiereg. Den Himmel Léisst sech einfach opfëllen.

## *b) Procedure fir am Photoshop:*

### 1) Raw Converter

1. Am beschten 8 Biller, déi mat engem Ultrawäitwénkel geholl sinn, am Raw Converter opmaachen
2. Bild uklicken. Crlt a
3. Menu um Filmstreifen: zu Panorama zusammenfügen:
    a. Projektion: Zylindrisch, *(d'Bild gëtt herno souwisou an der Héicht verzerrt, a wann ee manner Héicht am Panorama huet, dann verléiert een u Qualitéit)*
    b. Kantenfüllen: aus
    c. Anwenden von automatischen Einstellungen: wéi een wëll
    d. Automatisches Freistellen: aus

*Et kënnt automatesch en Panorama vun 360° eraus, och wann d'Fotoen méi ewéi e Krees ofdecken !*

4. Panorama wéi gewinnt entwéckelen, eventuell mat Pinsel an Richtung Sonn am Himmel nach Liichter eraushuelen an Dunst entfernen…
5. Bild öffnen

## 2) <u>Photoshop</u>

*1.* Eventuell: Den Buedem (bei little Planet) oder den Himmel (bei Funnel) opfëllen. *Dann verleeft den Buedem oder den Himmel am Zentrum vum Bild zu engem Stär- Dat kann spéider praktesch sinn fir d'Bild ze zentréieren. Den baussenzegsten Rand net opfëllen, gesäit herno souwisou net schéin aus.*

2. Bild -> Bildgrösse: Ketten lass maachen an den Wäert vun der Breet bei der Héicht aginn -> OK

3. <u>Nëmmen bei little Planet</u>: Bild -> Bilddrehung -> 180°

4. Dann Filter -> Verzerrungsfilter -> Polarkoordinaten

5. Elo kucken ob den Iwwergang schéin ginn ass, soss Verbesseren mat z.B. Fläsche füllen fir den Himmel an den Buedem, Verschiebewerkeug fir Detailer an de Gebaier op eneen ofzestëmmen.

6. Bild schneiden, (1:1 Diagonal; aussenliegende Pixel löschen) dréinen an zentréieren *(wichteg fir den leschten Schrëtt wou mir de Wölbungsfilter benotzen)*

7. Zentrum korrigéieren, Ecker opfëllen,

8. Bild -> Bildgrössen, Ketten nees umaachen an maximal ob 11500 X 11500 Pixel astellen, (*dat ass déi maximal Gréisst mat der den nächste Filter funktionéiert)*

*9.* Filter -> Verzerrungsfilter -> Wölben, Modus normal, mam Régeler spillen, bis engem d'Proportionen gefalen. *Ob den Rand oppassen, deen verännert sech net ausserhalb vun engem Krees mam Duerchmiesser vun der Breet vum Bild.*

10. Eventuell Ecker frësch maachen,

11. Tonwerkorrektuer a fäerdeg

## ***c) APG***

Zum Schluss nach eng Demonstratioun, ewéi een dat nämmlecht mam APG maachen kann.

1. Basisbiller am Raw-Converter zesummen eralueden, zesummen auswielen an entwéckelen (!!! Oppassen, wat elo ausgebrannt ass kritt een duerno net méi zerëck, d'Astellung par rapport zu dem Bild maache, wat Richtung Sonn geholl ginn ass !!!)
2. Biller als TIF späicheren
3. Biller an den APG lueden
4. erkennen
5. bearbeiten
6. Projektionseinstellungen -> kleiner Planet
7. 2x 90° Rechts- oder Linksdrehung (fir Funnel)
8. Rendern (Format PSD/PSB)
9. Am Photoshop weiderverschaffen

Den APG gët oft mat manner Biller eens an et Bann een och e Bild vum Zentrum (Buedem oder Himmel) mat zesumme setzen loossen.

E mëscht tendenziell manner Feeler beim zesummesetzen, mé d'Resultat huet eng manner héich Opléisung bei dësem Typ vun Panorama.

Et ginn Korrekturméiglechkeeten wann d'Biller net automatesch op eneen passen.

Et kann och méi verzerrten a schif Vuen maachen.